

## **Rapport Klimateam an Umweltkommissioun – 12.04.2022**

**Présent:** Thomas Rünneburger, Julian Heinze (NGPM), Jos Schoellen, Jean-Marie Beneké, Jean Nies, Roby Alfter, Metty Steinmetz, Sam Serres, Christopher Witry, Jonas Franz

**Absent:** Dan Schaaf, Luc Etringer, Paul Hendel, Nadine Alfter, Fabrice Ramillon, Jean-Jacques Conrardy, Fabio Cumetti, Tom Leonardy, Fränk Schmit

### **Feedback Audit - Klimapakt 2.0 vum 31.03.2022**

Nom ale Katalog mat 79 Konditiounen, déi een erfëlle konnt, ware mir bei 68% ukomm.

Lo, nom Audit, an mat dem neie Katalog, deen nëmme méi 64 Konditiounen oplëscht, si mir bei 58,8 % ukomm. Dat ass 1 % manner wéi dat, wat mir eis virgestallt hunn, mee awer net schlecht.

Beim Audit war eng gutt Atmosphär an den Thomas huet och nach eng Kéier déi gutt Aarbecht vum Service Technique, respektiv dem Fränk Schmit ënnerstrach.

Doriwwer eraus, krut den Thomas lo de Rapport vum Audit geschéckt fir selwer nach eventuell Daten ze vervollstännegen oder ze verbesseren. Wann dëse Feedback vum Thomas lo mat a Betruecht gezu gëtt, kéinte mir dann awer nees iwwer 60% landen. Den Thomas hält eis do um Lafenden. (D'Sockelen beim Klimapakt sinn: 40%, 50%, 65% an 75%)

### **Themen fir de Klimapakt-Katalog besser auszenotzen:**

- **KlimaPaktCheck**

E neit Tool ass den *KlimaPaktCheck* vum *Klima-Bündnis*. Dësen soll kënnen genotzt ginn fir Gemengenevents gewësse Kriterien no ze préifen an ze organiséieren. Doduerch wäeren dann och méi Punkten am Klimapakt méiglech.

Et gouf een Online-Seminaire zu dësem Tool. De Link ass hei ënnendrënner. Kuckt iech et roueg un, well an Zukunft soll dat och bei eis an der Gemeng zum Asaz kommen. Dat Ganzt soll, am Léifsten, och nees vum Klimateam (oder Memberen dovunner) duerchgefouert ginn. Avis aux amateurs 🙌

<https://www.klimabuendnis.lu/presentation-klimacheck-tool/>

- **Green events**

Dëst ass eng Checklëscht vu Kritären, déi d'SuperDrecksKëscht mam Oekozynter Pafendall opgestallt huet.

*Um das Logo „Green Events“ zu erhalten, muss die Veranstaltung alle obligatorischen Kriterien der Checkliste erfüllen.*

*Das Logo „Mir engagéieren eis“ kann erhalten werden, wenn mindestens die Hälfte aller Kriterien (obligatorisch und optional) von der Veranstaltung erfüllt werden.*

Hei de Link op d'Säit: <https://www.greenevents.lu/de/die-logos-erhalten/>  
Ech hänken d'Checklëscht awer och nach emol mat un de Rapport.

Et ginn och méiglech Subsidien, mee do kënt dir iech gären mat ranliesen.

Vläit muss een an deem Kontext och differenzéieren tëscht, z.Bsp. dësen 2 Mesuren, déi op den éischte Bléck awer dat selwëscht Zil verfolgen → méi nohalteg Aktiounen an Events an der Gemeng.

Dat kéint jo dann och een vun den Themen fir eis nächst Sëtzung sinn.

### **ENERGY-DAY de 15. Mee an der Hierber Scheier**

Den Dag ass u sech fäerdeg organiséiert. D'Stänn sinn souwäit confirméiert.

Mir waarden just nach op een PV-Produzent, deen kéint Fonctionnement vu sengem Produit deen Dag erklären. Falls dat net klappt, huet den Energiepark Mëllerdall awer och d'Méiglechkeet, fir dat op sengem Stand mat ze intégréieren (Merci, Roby.)

### **Stänn an a ronderëm d'Hierber Scheier:**

1. Tudor Musée
2. Syndicat d'initiative
3. Klima-Agence
4. Energiepark Mëllerdall
5. SOLUXTEC – PV-Produzent → **Mir waarden op Confirmatioun**
6. Service Forestier → Op der Plaz kéint een eng Wanderung fir e spéideren Datum présentéieren.
7. **DOBAUSSEN (Niveau Parking)**: Rent-A-Bike (mat 20 Veloën)
8. **DOBAUSSEN (Niveau Scheier)**: Garage Kruft (mat 2 Autoën)
9. **Lokal Produzenten:**
  - a. René Krippes - Wäin (OK)
  - b. Hierber Brennerei – Drëppen a Likören (OK)
  - c. Tudorsgeeschter – Drëppen, Likören, Jus'en an Wäin(OK)
  - d. Haff Wewer – Fleesch aus Eegeproduktioun (OK)
  - e. Ramborn – Cider a Jus (**KENG Réckmeldung**)

### **Tour mat den E-Bikes**

Rent-A-Bike bréngt exklusiv Mountain-Bikes mat, dohir bidd sech een Tour duerch de Bësch Richtung Mompech un.

De Jos huet offrëiert fir de Samschdeg Moien oder awer de Ouschterméindeg Moien deen een oder aneren Tour ofzefueren fir ze kucken, wéi een sech vläit am Beschten ubidd.

Jiddereen deen sech un dësem « Erkundungstour » bedeelegen wëll, kann sech gäer beim Jos mellen. 😊

### **SOLER**

De Jonas schwetzt haut nach emol mat de Responsabelen vun der SOLER fir datt alles geklärt ass an et net zu Mëssverständniss kënnt.

D' Aweigung vun der Wandmillen selwer ass um 11 Auer. Ab 10 Auer fiert d'Navette dann 2-3 Mol fir d'Gäschter vun der Scheier bei d'Millen ze kréien.

### **Memberen vum KLIMATEAM de 15. Mee zu Hierber**

Mir sinn e groust Klimateam well mir déi Roll als komplett Umweltkommissoun matt iwwerholl hunn. Mir sinn zu insgesamt 15 Memberen.

Dobäi kommen da nach den Thomas, de Fränk Schmit an den Patrick Heinen.

Et wär also wichteg datt mir den Dag op der Plaz sinn. Bei der läschter Präsentatioun vum Dag (um 15 Auer) wäert och d'Klimateam kuerz virgestallt ginn. Bis lo sinn 6 Leit sëcher do. Wann deen een oder aneren et eventuell fir 15 Auer ariichte kéint, da kéinte mir eis och weisen an eventuell souguer eng aktuell Foto maachen.

### **Präsentatioun Klimapakt an der Hierber Scheier:**

Den Thomas huet eis doriwwer informéiert datt hien de 15. Mee leider net kann mat dobäi sinn. Dat selwëscht zielt och fir de Fränk Schmit.

Mir hunn eis dofir decidéiert, datt d'Präsentatioun vum Klimapakt (och mat der Froëronn duerno) vun 3 – 4 Leit wäert duerchgefouert ginn.

Den Thomas trëfft sech mam Roby, dem Jos an dem Sam de 4. Mee am Nomëtteg op der Gemeng fir d'Präsentatioun duerchzegoen an unzepassen.

De Julian Heinze, vum NGPM, wäert och eppës zum Klimaschutz Masterplang fir de Mëllerdall soen (de Naturpark am Klimapakt), sou datt do u sech alles ofgedeckt wäert sinn.

Bei de Froën duerno wäert gekuckt ginn fir direkt an sou akkurat ze äntwerten wéi et geet. All onbeäntwert Fro hale mir fest an och wien se gestallt huet, fir datt den Thomas am Nachhinein eng Äntwert ka schécken.

Ech weisen an dem Kontext och nach emol op een Extrait aus dem läschte Rapport hinn, deen do kéint interessant sinn.

*Punkt 6.4.1. am Katalog: Do ass d'Iddi fir datt dat all Joer stattfënnt an d'Leit aus der Gemeng sech kënnen iwwert de Status vum Klimapakt informéieren **an och Froën stelle kënnen.** D'Resultater vun der Diskussioun géifen dann och public gemaach. (Gemengebuet)  
Eng Mail-Adress fir weider Iddien vun der Bevëlkerung: [klimateam@rosportmompach.lu](mailto:klimateam@rosportmompach.lu), kéint ageriicht ginn. (digital Abannung vun de Bierger)*

**Opriichten zu Hierber:**

Dat meescht wäert Samschdes Moies oder Samschdes Mëttes opgeriicht ginn. Falls lo schlecht Wieder sollt gemellt sinn, da muss och d'Zelt op d'Plaz kommen.  
Dat géif dann awer déi Deeg virdrun opgeriicht ginn an da géif ech och e Message rausginn fir datt een do zu e puer ass.

**Remarque Rapport:**

Ech hoffen, ech hunn elo näischt vergiess. Ech weess, et ass ëmmer vill Text, mee ech fannen an engem Rapport sollen net nei Froën opgeworf ginn mee alles transparent sinn fir jiddereen. Ob présent oder absent.

**Eis nächst Sëtzung fënnt Enn Mee/Ufank Juni statt. Ech kucken do nees een Doodle rauszeschécken. Schéin Ouschteren alleguer 🍷**